N° 7603
Entrée le 14.03.2023
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Fonction publique

**Äntwert vum Här Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro n°7603 vum 15.02.2023 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen iwwert de Congé sans traitement**

Den Artikel 30 aus dem Staatsbeamtestatut (*Loi du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État*) definéiert ënnert wat fir enge Konditiounen, e Beamten e Congé sans traitement, esou wéi den honorablen Deputéierten et selwer formuléiert, « dierf » ufroen : « *Un congé sans traitement peut être accordé au fonctionnaire, sur sa demande, dans les cas ci-après:*
*a) pour élever un ou plusieurs enfants à charge de moins de seize ans ;*
*b) pour des raisons personnelles, familiales ou professionnelles dûment motivées. Les congés sans traitement accordés pour des raisons personnelles ou familiales ne peuvent dépasser dix années. Ceux accordés pour raisons professionnelles ne peuvent dépasser quatre années. En cas de circonstances exceptionnelles, le Gouvernement en conseil peut accorder une prolongation de deux années au maximum du congé sans traitement pour raisons professionnelles. »*

Et kënnen eng ganz Rei Grënn ginn, firwat e Congé sans traitement ka refuséiert ginn, dorënner zum Beispill de Risk vun engem Interessekonflikt oder de Fait, dass mat der Absence vum Agent de korrekte Fonctionnement vum Service net méi kéint garantéiert ginn.

Ewéi bei all individueller Verwaltungsdecisioun kann de concernéierte Beamten e Recours gracieux oder och e Recours contentieux innerhalb vun dräi Méint maachen.

Luxembourg, le 14 mars 2023

Le Ministre de la Fonction publique

(s.) Marc Hansen

63, avenue de la Liberté
L-1931 Luxembourg
Tél. (+352) 247-83100
Fax (+352) 26 48 36 16
B.P. 1807
L-1018 Luxembourg
www.fonction-publique.public.lu